

Dësen Text war, no enger Commande vun der UGDA, als mäin Deel vun enger 'Trilogie', zesumme mat menge Schreifkollege Lex Jacoby a Pol Pütz entstan. De Grand-Duc Jean sollt deemools grouss mat enger Parad vun deer Federatioun an der Neier Avenue gefeiert ginn. Dunn ass dat terribelt Accident vun sengem Jong Guillaume a senger Fra dotëscht komm; dat Ganzt huet mussen annulléiert ginn. Meng Partie Text huet sech ëm d'Period 1921-1939 gedréint; dofir ass de Fong natierlech historesch. Dem Grand-Duc hunn ech se vru siwe Joer bei enger Privataudienz zu Fëschbech gelies... hien hat Tréinen an den Aen.

vum Lex Roth



Kinnekskanner

No dem Enn vum éischte Weltkrich
huet eist Vollek klor entscheet,
datt dem Land seng Kroun soll bleiwen,
an och d'Haus fir dat si steet.

Deemools bei dem Referendum
haten d'Wieler d'gutt Gespier,
wat fir d'Heemecht an eis Fräiheet,
fir eist Wuol am beschte wier.

Eng jonk Fra huet all eis Suergen,
d'Léift fir d'Land mat äis gedeelt;
't ware Joere voll Problemer,
't huet u villem nach gefeelt...

D'Lëtzebuenger hate séier
d'Grande-Duchesse an d'Häerz geholl;
si hat just déi grouss Talenter,
déi ee brauch an hirer Roll.

D'Heemechtswieue mat äis deelen,
wat och kéim, hat si versprach;
wat du' komm ass - 't war sou munches!
si huet ni deen Eed gebrach!

't war an deene Féiwerzäiten
hei an och rondrëm net liicht;
d'Grande-Duchesse ass de Garant gi
fir all Form vu Gläichgewiicht.

Grad wéi an dem Lidd den Dichter
vun «Zwee Kinnekskanner» sot,
guff et tëscht de gëlle Liljen
an dem Roude Léiw e Stot .

Zwee grouss Haiser - héich am Gotha
haten si Geschicht gemaach -
hunnt a Léift an Trei sech d'Wuert ginn
ënnert eisem Heemechtsdaach.

Wéi dat dann dee schéine Brauch ass,
datt d'jonk Léift u Kanner denkt,

ass eis Grande-Duchesse och Mamm ginn:
si huet äis e Pränz geschenkt!

D'Land an d'Leit hu mat den Eltren
sech um klenge Jong gefreet.
D'Kroun war mat him ofgeséchert
fir all Zäit vu Gléck a Leed.

D'Kroun-Famill huet sech vergréissert
mat sechs Kanner - gutt gehitt! -;
véier Schwëstren an e Brudder
huet den Ierfpränz Jean nach kritt.

Wien sech wollt e Modell huelen,
hat si gär als Referenz;
all Respekt war hinne sécher,
hei am Land wéi iwuer d'Grenz.

Eisen Ierfpränz huet seng Léier
duerch all Schoul am Flock gemaach,
krut eis Sympathie an d'Éier;
d' Vollek duecht: Dee mécht seng Saach!

Enn den drëss'ger Joren huet et
aus dem Oste schlëmm gedreet;
't kumm bei eise Fräiheetshoufent
d'Angscht vrum frieme Joch a Leed.

D'Land huet fir eng Fräiheitsfeier
nieft der Dynastie gestan;
d'Onofhängegkeet war d'Ursach,
mä de Fong: 't war äis all baang!

Just deemools - 't war néngandrësseg -
krut de Krounpränz uechzeng Joer,
an d'vullt Recht, den Throun ze ierwen,
matzen an der Krichsgefor.

D'Grande-Duchesse an hiren Ierwe
gufe fir eist Land Symbol;
do, wou d'Heemecht si gebraucht huet,
stonge si op Hol a Mol!

Éierlecht Bäileed vun der Actioun-Lëtzebuergesch

fir d'ganz Famill vum Grand-Duc Jean,
deen an d'Éiwegkeet gang ass.

Mir wëssen, datt deen dichtege Staats-Chef och e waarmt Häerz
fir eis Sprooch hat.

Mir sti mat Respekt a léiwe Gedanke an der Rei mat all deenen,
déi hien an allerbeschter Erënnerung behalen!

Sprooch: Lëtzebuerg / Schwäiz

Do giff de Fransous soen, et wieren **deux paires de manches!** Schwätzt dach emol zu Zürich Italiénesch oder Franséisch, zu Genève Däitsch oder bausst deem klengen Kantons-Eckelche Rätio-Romanesch, da gitt dir bekuckt ewéi e klengt Moundkällefchen. **Déi 'Confederatio Helvetica (CH)'** besteet nun emol aus e puer Deeler, déi sech no an no ëm d'Ur-Kantone Schwyz-Uri-Unterwalden zesummegedint hunn. Sproochlech ënnerscheiden déi verschidden Deeler vun der Schwäiz sech offiziell och nach haut; si hunn nun emol **4 'Landessprachen', net Nationalsproochen!** Am Tessin, dem 'Ticino', ass dem Schiller säi 'Wilhelm Tell' däitsch-sproocheg och elo nach en 'No-go'; mat dem Victor Hugo senge 'Misérables' kommt dir op Franséisch zu Basel net eeschtlech wäit.

Wann deemno e schwäizer Journalist speziell wéinst der Sproochsituatioun heihinner kënnt, da mussen mir him vrun allem déi historesch Evolutioun vum Grand-Duché kloermaachen, och dobäi, eis' sougenannt **'Eck-Joeren' auserneendin: 1659-1815-1839!** Do ass et, an enger Zort Verglach, de Contraire vun deem mat Lëtzebuerg geschitt ass. Den 'Duché' an herno Grand-Duché ass, och sproochlech, auserneege-rappt ginn; déi schwäizer 'Confederatio' huet den ëmgedréinte Wee gemaach; sproochlech ower net.

Et bréngt och knapps eppes, **auslännesche Presseleit ëmmer nees vun eisem 'Dialekt' ze schwätzen;** doraus mécht deen dann e 'Scoop': *Weltweit einzigartig, dass ein Dialekt zur Nationalsprache erhoben wird!* **Eis Sprooch ass nun emol net einfach nëmme riicht-ewech en Dialekt oder eng 'Landessprache', mä d'national Sprooch** vun engem international unerkannte souveräne Staat! Dann: D'Lëtzebuergesch ass keen 'däitschen' Dialekt, héchstens e germanesch-west-fränkischen Idiom; streng gehol e 'west-Sauer-Musel-fränkischen. Mä dofir muss een dat konsequent 'drop' hunn. Schued, datt an der lescht e schwäizer Radio-Reporter sou moer - an och nach *'höchst persönlich'* hei 'gefiddert' - guff!

Schreifweis... a keen Enn

Mir hu jo dann elo, souzesoen, **eng 'definitiv' orthographesch Versioun/Form vum Lëtzebuergesch.** Definitiv? Neen, déi gëtt et net, well déi existéiert a knapps enger Sprooch; Schreifweise sinn an enger Dauer-Entwécklung; eng Zort Moud. Probéiert dach emol e franséischen, däitschen oder engleschen Text aus dem 17., 19. an 21. Joerhonnert niefteneen ze leeën, da sprange kéipweis 'Varianten' iech direkt an d'Aen. **Jidfer Orthographie ass fir eng Sprooch wéi eng Rumm fir en Tableau; de Kader ka jo änneren, ower dat Bannescht bleift d'Haaptsaach!**

Dem Luther seng Schreifweis fannt dir net beim Hegel, deem seng net beim Grass; dem Rabelais seng Schreif net beim Voltaire; dem Shakespeare seng net beim Shaw oder Twain. Vun haut aus gekuckt sinn déi 'al' jo souwisou alleguer *falsch*... wat dat dann och ëmmer heescht. Haut sinn d'Orthographien aus deene Sprooch 'kodifizéiert'. D'Ëmstänn vum Publizéiere si jo och net mat deene vu viru 500-300-150 vun eiser Zäit ze vergläichen. Am Griecheschen heescht et **'Panta rhai'='alles fléisst, Schreifweisen och!**

E Beispill, dat mir iergendwéi alleguer kennen ass **dee bekannten 'th' am Däitschen** (*Thiere, Thaten, Thon*)... nach haut gëtt et e Gesankveräin zu Hesper, deen dësen 'th' a sengem Numm héichhält (*Eintracht im Thale*); eng (deelweis) 'ausrangéiert' Konsonantekoppel, déi eng griechesch Nues hat, den *'theta'*; et däreft een sech dann ower froen, firwat déi nach bei *Theater, Thema, Theorie, Thermometer* asw. steet. Am Franséische fanne mir vun engem bestëmmte Moment un **den 'accent circonflexe' aplaz vun deem fréieren 'st'** bei Wieder, déi eeriicht aus dem Laténgesche kommen (*maître, fenestre, estre.../maitre, fenêtre, être*...). Deeselwechte Phenomän begéine mir 'zäitgerecht' am Engleschen. Mä, wéi gesot: Déi Hellewull vu Publikatiounen an d'Verbredde vum Liesen a Schreiwen durch d'gesetzlech Reguléiere vum Schoulzwank, hunn deer Saach en aneren 'Drill' ginn... 'Logik' geet een dacks ëmsoss sichen.

Net verwonnerlech, datt mir och **en etlech 'Evolutiounen' an der Orthographie vum Lëtzebuergesch** kennen. Grad ewéi soss enzwousch, gëtt och bei äis ëmmer op en Neits gemengt, elo hätte mir dann déi bescht, logeschst Schreifweis gekniwelt. Wien sech e bësse méi intresséiert an d'Schreif vum Tunn Meyer, ... hir Schreifversiounen knéit, dee brauch sech **net sënnerlech iwuer d'Orthographie-Gewibels an eiser Sprooch ze wonneren**... et krut ni en Enn a wäert och ni fäerdeg ginn! **D'Haaptsaach ass a bleift... d'Sprooch!**

Eis Sprooch ,um Haff

Dat ass natierlech eng Saach, déi e sëlliche Leit intresséiert. Dofir emol direkt eng Äntwert: **D'Lëtzebuergesch ass bei 'Granducs' a gudden Hänn!** De sympathesche Grand-Duc Jean, getréischt, hat en Häerz fir d'Lëtzebuergesch an huet sech ëmmer dofir intresséiert, wéi et giff 'lafen'. Eise Grand-Duc Henri schwätzt en zerguttst Lëtzebuergesch; d'Madame huet en apaart a 'rapid' Talent fir Sproochen, ass ower bestëmmt net extra glécklech driwwer, datt vill Leit nëmme Franséisch mat hir schwätze wëllen... souzesoen d'Saach vum Schwamme-léieren oui déi néideg Déift vum Waasser. Hir Kanner hunn d'Sprooch hei alleguer ganz normal an de Schoule matkritt. Hire 'Accent' muss ee **bedenken, iert een driwwer schwätzt.** Och an dësen Zesammenhäng komme mir net laanscht eng Pouz Geschicht vun de leschten 130 Joer.

Wéi de Paul Eyschen 1890 op Wien gang ass, fir dee vun de Bismarck-Preussen 'ofgeseeten' Herzog Adolphe vun Nassau-Weilburg ze bieden, d'Kroun vun eisem Grand-Duché unzehuelen, ass mat Sécherheet kee Lëtzebuergesch geschwat ginn, héchstens Däitsch a Franséisch. Deem **säi Fils, de Guillaume war an Hessen an Éisträich opgewuess;** seng Fra Marianne koum aus dem Portugal... wat Wonner, datt hir 6 Meedercher, am Ëmfeld vun däitschsproochegem Haffpersonal net besonnesch 'op Lëtzebuergesch' gezillt si ginn; direkt Kontakter mam 'Vollek' guff et an deer Zäit jo och keng wéi haut. **Datt d'Grande-Duchesse Charlotte vu London aus iwuer d'BBC mat hire 'Léiwe Lëtzebuenger' an eiser Sprooch geschwat huet... war ee vun de Glanzmomenter fir d'Sprooch vun eiser Heemecht!** Si hat verstan. Mir och. Nach haut. Merci!